N°2277
Entrée le 22.05.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung, Här Claude Meisch op d'parlamentaresch Fro n°2277 vum 30. Abrëll 2025 vum Här Deputéierten Marc Goergen betreffend d' « Achat de logements par l'État ».**

1. **Wéi vill Wunnengen (opgelëscht no VEFA an gebauten Unitéiten) huet d'Regierung dëst Joer kaf?**

   **Wéi vill Euro huet de Staat fir dës Wunnengen bezuelt?**

Stand haut huet d'Regierung ee weidere Projet mat 20 Wunnengen am VEFA kaf, dëst fir Ronn 12 Milliounen Euro.

2. **Wéi vill Wunnengen wëll de Minister dëst Joer kafen (VEFA oder gebauten Unitéiten)?**

Aktuell sinn 9 weidere VEFA Projeten an eisen Diskussiounen, esou dat een dovunner ausgoe kënne, dat nach am Joer 2025 en Akt ënnerschreiwe wäerten. Dës 9 Projete wären 257 zousätzlech abordabel Wunnengen.

Ausserdeem kuckt Regierung natierlech fir weiderhin esou vill wie méiglech VEFA ze kafen.

3. **Wéi vill Suen sollen insgesamt dëst Joer investéiert ginn?**

Mat deene schonn dëst Joer kaafte Wunnengen, géif d'Regierung dëst Joer fir 182 Milliounen Euro abordabel Wunnengen am VEFA kafen.

Insgesamt si nach 238,5 Milliounen Euro disponibel fir d'Acquisitioun vu VEFA.

Lëtzebuerg, den 21. Mai 2025

De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung

(s.) Claude Meisch